Och dëst Joër wor den Optakt vun eiser Fëschsaison zu Boismont an Frankräich um Domaine du Moulin neuf ewou mir eis getraff hun fir d´Geeschter vum Wanter ze verdreiwen. Oh jee, dës Kéier ass et awer direckt knëppeldéck komm, schon déi éischt roud Luucht op eiser Unrees wor roud, dat ass Nie ee gudd Zeechen ewell dann kënnen d´Fësch schon net bäissen. Ewei mir dun um Weiher bäigefour sin dun stuung den Änder schon an voller Montur do, prett fir las ze leën. Dat wor awer éischter normal, ass den Änder dach ëmmer den Éischten, mée ewei den Luss dat wollt direckt festhalen dun huet Hien gemierkt dass Hien séng Revolveren (Fotoapparater) Doheem stoën geloos huet an dun wor Hien sech sécher, Haut kann dat Näischt gin ewell, wann et schon esou las geet ewou soll dat dann endegen.....

Glécklecherweis hat den Jemp an d´wéinstens säin Fotoapparat dobäi an esou konnten mir dann awer den Unfank vun eisem Fëschjoër dokumentéieren. Mir woren also zu énger 15 Fëscher ungetrueden fir nom Wanterschloof erëm op d´Touren ze kommen an entgéint dem leschten Joër ewou fir den Optakt nach Schnéi lung sin dës Kéier och d´Krucherten zäitgeméiss iwwert eis eweg geflunn fir d´Fréijoër unzekënnegen. Mée leider wor den Unfank vun eisem Fëschjoër, ewei den ganzen Wanter, mat bedecktenem Himmel an dreiwem Waasser wat eis d´Fëschen Haut besonnesch

schwéier gemeet huet. Spéidstens ewei den Jemp säin véierten Fësch hannerteneen verluer hat, do woussten mir dass et ganz schwéier géif gin an mir sollten och Rescht behalen. Et sin zwar hei an do ee puer Fësch gefaangen gin, mée esou wéineg Fësch ewei Haut hun mir nach Nie zu Boismont gefaangen. Zum Gléck hat an d'wéinstens d'Wieder een Angesin an mir sin den Dag iwwer vum Reen verschount gin. Och d'Temperaturen lungen ëm déi 10° Celsius, esou dass mir och kéng Keelt gelidden hun, mée ewei gären häten mir dach een laangen Kalzong méi ungedoën an dofir ee puer Fësch méi gefaangen, mée et sollt awer net sin an och esou Momenter wëllen mir awer festhalen ewell dat beweisst ëmsou méi den Zesummenhalt an d'Komerotschaft ënnert den Fëscher vun eisem Club.

Voll optimistesch an mat vill Kourasch sin mir ungetrueden fir an déier dréiwer Britt ee puer Fësch ze fänken, et sin och direckt ee puer schéin Forellen gefaangen gin mée ewei séier wor et awer domader erriwer. Déi éng oder anner Forell sin mat Streamer iwwerlëscht gin ewoubäi awer och Tchernobyl, statesch gefëscht, vill Erfolleg versprach huet. Et ass awer leider net esou weidergaangen an d'Fësch sin ëmmer méi kriddelech gin. Esou ass et dun komm dass een d'Fëscher haaptsächlech knouteren gehéiert huet, an gesin huet een se déi ganzen Zäit ewou se am gaangen woren ëmzebauen.

Mée ewei erfreet woren mir dach ewei a bee mol eisen Präsident den Jeek ëm den Eck gefour komm ass, hat Hien dach eis Iwwerliewensratiounen matbruecht. Séng Zop, Ierbsenbulli..... ee pardon Lënsenzop mat Mëttwurscht wor een Gedicht an lues a lues hun eis Fëscher erëm Farw an d´Gesicht kritt an och d´Knoutern ass erëm an Laachen ëmgeschloën. Schnell wor déi vill Méih mat deenen schlechten Konditiounen vergiess an mir hun schon vun den nächsten Sortiën geschwärmt déi elo an d´Haus stin, jee esouséier loossen mir eis net découragéieren wann dat Ronderëm esou gelongen ass. Et ass emmer erëm erfreelech ze gesin ewei d´Équipe ronderëm den Jeek, den Robert an den Erny, ëm eist leiwlescht Wuel besuergt ass an Hinnen ass et zum gréissten Deel ze verdanken dass och dës Sortie erëm an beschter Erënnerung bleiwt.

Esou gestäerkt an voller Erwuardung hun mir eis dun erëm an d´Gewulls gestirzt wat guer net esou einfach wor mat gudd gefëlltem Bauch, mée Mëttes wor et dun nach méi schwéier fir iwwerhaapt een Fësch ze gesin mée dat hun mir dun awer mat éngem midden Lächelen an kaaf gehol ewell och esou Deg spéiderhin awer an beschter Erënnerungen bleiwen ewell een beim Méckenfëschen Nie wees ewei den Dag ausgeet an just dat mécht et jo och esou spannend. Mir frëen eis elo schon op eis Generalversammlung den 21. März 2014 ewou mir hoffentlech, genee ewei d´lescht Joër, groussen Unklang bei eisen Memberen fannen wäerten an dann loossen mir déi vergaangen Saison nach éng Kéier opliewen fir duerno mat all deenen schéinen Erënnerungen och déi nei Saison unzegoën. Et ass eis op jiddverfall net baang wann mir den Ansatz an d´Freed un der Saach bei onseren Memberen gesin, zeemols ewou den Dag no der Generalversammlung jo ëmmer eisem

Präsident säin Dag ass an mir eis dann ewei all Joërs op den Weë op Rabais maachen ewou mir dann kënnen mat eiser Präsenz beweisen dass mir zu dausend Prozent hannert eisem Präsident stin.